

## RIED VUM BLANCHE WEBER, PRESIDENTIN VUM MOUVEMENT ECOLOGIQUE, KONGRESS 2019

*Léif Memberen,  
Léif Kollegen a Frënn,*

Dës Zäiten si schwéier zouzeuerdnen: tëschent staark beonrouegend an hoffnungsvoll! Ma wat awer ganz kloer ass: mäer liewen an enger vun den, fir d'Iwwerliewen op dësem Planéit, wichtegsten Epoche vun der mënschlecher Geschicht.

1.

Déi läscht Woch si Resultater vun enger **internationaler Etüd vun de Vereenten Natiounen** duerchgesickert, déi deemnächst virgestallt gëtt. 500 Wëssenschaftler hunn dru geschafft, 8000 Säiten déck. Den Thema: wëssenschaftlech gëtt alt erëm dat dramatescht Ausstierwe vun den Aarten duergeluecht, verbonne mat dem Opruff, datt d'Mënschheet dringend handele muss, wa si net hir eege Liewensgrondlagen definitiv zerstéiere wëll. **D'Situatioun vum Biodiversitéitsverloscht wäer mindestens, wa net nach méi, alarmant wéi d'Klimakris**, e.a. well et keng Méiglechkeet géif fir sech drun unzepassen. *"Wir stehen an einem Scheideweg"* ... esou eng zentral These.

Parallel gi weltwäit honnertausenden, an zu Lëtzebuerg eng 10.000, **Jonker op d'Strooss** a fuerdere vun der Politik endlech e seriöse Klimaschutz an! Si beruffe sech dobäi ob den IPPC Rapport, deen eindringlech seet, datt d'Mënschheet just nach 5-10 Joer huet, fir d'Kar erëmzerappen fir d'Emissiounen vun de klimaschiedleche Gaser ze reduzéieren, soss wéisst kee méi, wéi et géing weider goen, d'Klimaverännerungen an déi negativ Konsequenze wäeren ab da net méi anzuschätzen a verheerend. Déi honnert dausende vu Jonke soe ganz kloer: Mir sinn an enger Kris a fuerderen endlech e **ganz dréngend a konsequent Handeln vun der Politik** fir e liewenswäerte Planéit ze erhalen. Wéi eng Fuerderung ka méi berechtigt sinn, wéi déi do? Et ass dramatesch a schimhäfeg, datt och oder virun allem eis Generatioun déi Jonk virun déi do Situatioun gestallt huet!

2.

A parallel derzou, wou ëmmer méi vu Klimakris, Biodiversitéitskris, der kuerzer Zäit déi eis nach bleift fir d'Kar nach erëm ze rappe geschwat gëtt, jo parallel léist eng Propose vun Parteipräsident vun enger Lëtzebuerger Partei e Stuerm vun **Entrëstung** aus, well hie sech traute **eng kleng punktuell Moosnam am Sënn vum Klimaschutz** virzeschloen: d'SUV'n méi héich ze besteieren. A well hie wot, dës Drecksautoen als Drecksauto ze bezechnen. A well hien e kritesche Bléck op sech a seng Zunft gehäit a seet, datt d'Politik wuel net ëmmer séier genuch handelt.

Eng Fraktiounspresidentin vun der Oppositioun, déi kaum iergend eng konkret Ausso zum Klimaschutz an hirem Walprogramm stoen hat, ass sech da net ze schued fir sech franchement opzereegen a militant ze äntweren, an ze soen, et bräicht een och alt SUVen. Si hätt selwer een, et misst een am Wanter sécher Auto fuere kënnen a méi eng héich Besteuerung wär ze soen asozial an iwwerhaupt géing dat vill ze wäit asw.asf.. Sic! Ma d'Aussoe vun der Madamm Hansen ginn nach weider, an deem si seet, dee Virstouss wär en plus och dowéinst absolut ongeheierlech, well déi do Propose net am Koalitiounsaccord géing stoen an duerfir - esou déi implizit Ausso - iwwerhaupt net diskussiounswierdeg wär! Eng Denkspäer vun der Oppositioun, well eppes net am Koalitiounsaccord steet, dat muss ee sech emol virstellen?!?

Ma dat ass nach net alles: direkt 5 Deputéierte vun der CSV stellen dann och nach eng Question parlementaire. Direkt 5, bis elo wuaren 2 Deputéierte fir eng Fro schonn eng Ausnam! Ma elo direkt 5! Geet et ëm e Lëtzebuerger nationaalt Symbol, d'Zukunft vum Land? Et muss dach awer wierklech ëm eppes gaanz Substantielles goe bei 5 Leit. Ma am Fong wuar et e.a. erëm déi ominéis Iddi vum

Franz Fayot betreffend Suven an d'Ongeheierlechkeet, datt hien domat aus de Reie gesprongen ass. Dëst hält awer verschidde Verrieder vun dëser Partei net dervun of, an den éischte Reie vun der Klimamanif vun de Jonke matzegoen! Dat iwwregens géint de Welle vun de Jonken, déi gebieden haten, datt déi offiziell Verrieder - wann iwwerhaapt - sollen hanne goen an déi Jonk vir loossen.

3.

Parallel kréie mäer dann och vun enger Regierung eng **Erhéijung vun 1 oder 2 Cent op Bensin an Diesel als Klimaschutz verkaf**, wuelwëssend, datt d'Präisdifferenz mam Ausland 16-34 Cent ass an souguer e Verrieder vun der Pëtrolsindustrie seet, en Twitter vun dem Mann mat der blonder Lock aus Amerika hätt wuel wesentlech méi Afloss op de Bensinspräis wéi déi Lëtzebuerger "Erhéijung" fir de Klimaschutz!

A parallel fënnt ee kee Wuert vun enger nohalteger Steuerreform am **Koalitiounsaccord**, fënnt ee kaum gezielte Moosname fir eng aner Landwirtschaftspolitik politesch virzeginn, gëtt scheinbar emol net unnähernd driwwer nogeduecht, wéi een de Sozialsystem méi onofhängeg vum Wuesstem gestalte kann, obscho jidderee weess, wéi verhängnisvoll eis Wuesstemsorientéiertheet fir de Klima an d'Biodiversitéit ass, an datt mir mat allem Mobilitéit, Wunnensbau, Biodiversitéit etc. dem Wuesstem just blannemännches nolafen... An et gëtt där Beispiller méi.

4.

An et gëtt da scheinbar e Konsens tëschent der Orientéierung vum Koalitiounsaccord an den Aussoe vun der Fraktiounspräsidentin vun der gréisster Oppositionspartei: et gëtt gemaach wéi wa Klima- an och implizit de Biodiversitéitsschutz mat "**nice to have**" ze erreeche wäeren, mat hei an do engem Subsid.... Oder, fir der Präsidentin hir Wieder ze interpretéieren: Si fuerdert eng ideologiefreie Politik a *realistes*ch Ziler am Klimaschutz. Do sinn déi Jonk awer vill méi wäit, wann si e Klimaschutz afuerderen, dee *wëssenschaftlechen* Ziler entsprécht.

**Mir liewen deemno am Ablack an enger eigentlech irreeller a jo schizophrenen Situatioun:**

Mobiliséierung fir ekologesch Themen ass méi staark wéi jee an si sinn deelweis e Politikum ginn (all Partei trëtt e.a. verbal fir de Klimaschutz an), den Appell vun der Wëssenschaft datt dréngendst gehandelt muss ginn ass esou aprägsam an alarmant wéi nach ni: **ma am konkrete reagéiere grouss Deeler vun der Politik mat engem Klimaschutz bestoend aus Kichelcher a Schlagsahn a verleeëne Franchement déi dréngend néideg grondsätzlech Diskussioun wéi et weider goe kann a muss. Ma nëmmen näischt um Wirtschafts- a Gesellschaftsmodell änneren...**

**Déi do Situatioun, eigentlech och vu Verlügenheet, méischt eisen Engagement net méi einfach:** Mir mussen méi wéi jee der Iwwerflächlechkeet entgéint trieden a weiderhin decidéiert d'Krise benennen, déi néideg Changementer akloen, och a grad wann se an der Gesellschaft kontrovers diskutéiert wärte ginn. A jo, och net ophalen - och wann et beileiwen net ëmmer einfach ass an oft och laang Texter zestane kommen - déi néideg Instrumenter aus Nohaltegkeetssicht ze benennen an anzekloen! Pestizidverbuert, Besteuerung vum Kerosin an dem Fluchverkéier, nohalteger Steuerreform, fundamental Reorientéierung vun der Landwirtschaftspolitik, Reform vun der Grondsteuer, Schluss mat der wëller Globaliséierung a viles méi.

Mäer müssen duerfir awer grad elo vläicht nach méi wéi an der Vergaangeneit de Courage hunn och eenzel Aussoen vu Politiker an anere gesellschaftlechen Acteuren ze thematiséieren an an aller Objektivitéit ze kommentéieren, jee nodeem positiv begleeden oder awer och - wa néideg - kloer demaskéieren. An dëst am Respekt vun eiser parteipolitescher Neutralitéit.

**Dat well nëmmen esou de gesellschaftlechen Debat lancéiert gëtt, wierklech eppes erreecht ka ginn a well och nëmmen esou Politiker déi Courage weisen Ënnerstëtzung fannen.**

Jo, mir sollen **Doppelzüngigkeit** a sorry - eng gewëss Heuchlerei - thematiséiere! Jo, mir sollen och **ënnerstëtzen**, wa sech Leit - aus der Regierung, vun Majoritéit **oder** Opposition oder soss aus der Gesellschaft - traue couragéiert Forderungen ze stellen oder Analysen ze maachen!

Jo, ëmmer da wann et ëm e Choix de Société geet, hu mäer als Meco eisen objektiven, parteipolitesch onofhängege Rôle, dee mäer natierlech an eiser Sachlechkeet weider musse virdroen, ma vläicht och alt nach méi op de Punkt bréinge sollen.

-----

5.

An eisem Réckbléck vu 50 Joer ass vill vu **Schlüsselmomenten vum Engagement am ökologesche Beräich** geschwat ginn. E.a. ass d'Bedeutung vun der Atomkraaftdebat mam Robert Jungk ervirgehewe ginn, wou de Sprong gemaach gouf vun enger renger un der Natur interessierter Bewegung hin zu enger gesellschaftspolitescher Bewegung, och mat kloer Wäertvirstellungen. Et goufen nach weider wichteg Phasen, Rio, Kyoto asw.

Ma déi absolut entscheidendst ass elo! Klima a Biodiversitéitskris ugoen.

-----

6.

An 2 Méint sinn awer och **Europawalen**, duerfir erlaben ech mäer géint der Schluss nach e puer Wieder do derzou ze soen. Ech ginn dobäi net an den Detail an, deen schwätze mäer herno am Kader vun der Motionsproposé vum Verwaltungsrat. Ma eigentlech léist sech viles un engem Beispill aus de leschte 10 Deeg duerleeën. Wusst Dir, datt TTIP 2 um lafen ass? Kënnt Dir Iech virstellen, datt sech dat mam Här Trump net grad besser ukënnegt wéi TTIP 1? Wusst Dir, datt virun 10 Deeg am Europaparlament e Vote derzou wuar? Wusst Dir, datt gësch déi Lëtzebuurger Regierung Positioun derzou bezunn huet? Ech géing menges kaum een... A wann ech géing froen: Wësst Dir, wat de Vertrieber vu Lëtzebuerg hir Positioun ass, wëssen dat sécher nach manner Leit am Raum.... well déi Positioun vun de Parlamentarier an der Regierung ass ganz einfach net bekannt. Dobäi mengen ech, muss ech kengem am Raum hei d'Bedeutung vun esou engem Accord erklären... awer vläicht just eppes: bis elo ass emol nach net séchergestallt, datt Europa drop besteet, datt de Paräisser Klimaaccord als Grondprinzip vun TTIP2 gëllt. Eenzel aner Regierungen fuerderen dat an, vun eiser huet ee näischt héieren. Alt erëm: zu Lëtzebuerg grousse Hurra, mäer sinn all fir Klimaschutz a solidariséieren eis mat de Jonken. Ma am Konkreten an um EU-Niveau ... ?

Wann et eng Forderung gëtt fir d'EU-Walen, dann ass déi, datt EU-Politik hei am Land endlech muss en Thema ginn! Jo, datt eng Regierung ier se a wichtegen Dossieren eng Positioun zu Bréissel vertritt, déi muss ëffentlech zur Diskussioun stellen! Mir brauchen och endlech eng Chamber, déi sech selwer eescht hëllt, a sech net dermat zefridde gëtt, déi Bréisseler Direktive gemeinsam mat der Regierung 1:1 ëmzesetzen. **Ma déi sech endlech zum Zil setzt den Inhalt vun den Direktiven an aner wichteg EU-Decisionen matzprägen!**

**A mäer brauchen och eng EU-Politik, déi sech vun dem Wuesstemsdogma léist, an déi och Verdeelungsgerechtegkeet, de Mateneen vum Sozialen an Ekologie als absolut Prioritéit gesäit.**

Ech wuar iwwregens touchéiert a beandrockt vum Seriö vun de Rieden op dem Klimamarsch vun de Jonken. Besonnesch beandrockt huet mech d'Aussoe vun enger jonker Fra déi sënngeméiss sot: "Mir

*wëllen net méi esou liewe wéi dää. Mir gesinn dach, wéi déi méi al Generatioun am Stress leeft, keng Zäit huet. Mir wëllen dat anescht maachen!”*

7.

An deem Sënn, zum Schluss nach e puer Wieder zu eis selwer, grad och an eisem 50. Joer. An dësem Joer wuar aus der Mecosperspektiv alles dran: vun déiwer Zefriddenheet iwwert de Succès vun eisen Aktivitéiten am Kader vu 50 Joer an och soss, der bal magescher Stëmmung op eiser offizieller Gebuertsdaysfeier, dem grouse Vertrauen an der grousser Zoustëmmung déi mäer vun eise Memberen an der Ëmfro kruten ... iwwert déi vill Zukunftsvirschléi déi mäer gemaach hunn, dem frësche Wand dee bei eis ass, e.a. och mam Aktiounsgrupp a move. Mir kruten och an de leschte Wochen a Méint esou vill Membere bäi wéi nach ni.

Mir kënnen, wéi och schon am klengen Film gesot, houfreg op eis sinn. Ma Dir hutt am leschten Info vläicht gesinn. Mir packen déi Challenge, déi sech eis elo stellen, net méi mat eisen haaptamtliche Strukturen. Et muss eis geléngen, eist Wëssen och nach op e puer méi éirenamtlech an awer och haaptamtlich Käpp opzedeelen. Wéi et aner ONGen scho vill méi laang hunn, brauche mäer haaptamtlich Leit, déi fir Theme stinn. D'Komplexitéit vun den Dossieren erfuerdert dat. Méiglech gëtt dëst, duerch eng Zesummenaarbecht mam Oekozerter Pafendall, et sief un dëser Plaz och emol Merci u si gesot. De Meco wäert domat säi Gesiicht behalen a verbesseren! Den Hauptamt soll erméiglechen den Eirenamt nach méi auszubauen... d.h. nach méi Leit nach besser anzubannen asw.

A fir datt den Eirenamt och wierklech viru kennt, lee mäer e Krack zou mat der Fuerderung fir d'Afféierung vum "congé associatif", d.h., datt Leit mam Accord vum Patron kenne fräigestallt ginn, z.B. wann si de Meco oder eng aner Organisatioun offiziell vertrieeden.

8.

Ech kommen zum Schluss:

Wann ech dëser Deeg déi weltwäit Elogen op déi neiséilännesch Premierministesch liesen, déi sech op de Banner geschriwwen huet, datt bei all Decisioun vun hirer Regierung zwou Saache mussen analyséiert ginn:

- éischtens : ob se och wierklech dem Wuelbefanne vun de Leit déngt.
- an zweetens: ob se och vertrieedbar ass aus Biodiversitéits- a Klimaschutzsiicht.

A ganz explizit gesot gëtt, datt net de Wuesstem dee Critère fir d'Entscheidung ass, ma déi do 2, da soen ech: Wow! Wat e Virbild!

**Et geet also, oder wéi een esou schéi seet, eng aner Gesellschaft a Welt ass méiglech!**

**Loosst eis gemeinsam mat Courage an eisem esou wäertvolle Mateneen dru schaffen!**